

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09. November 2020

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportminister weiderzeleeden.

En neie Stadion ass eng ganz symbolkräfteg Plaz fir eist Land, de Numm wäert jidderengem bekannt sinn a vill benotzt ginn. Och an de nationalen an internationale Sportmedie wäert den Numm oft virkommen an esou eng Vitrinn fir eist Land duerstellen.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Minister gär folgend Froe stellen:

1. Ween huet decidéiert datt de Numm vum neie Stadion "Stade de Luxembourg" ass?
2. Aus wéi enge Grënn ass sech géint en Numm a Lëtzebuenger Sprooch entscheet ginn?
3. Hätt en Lëtzebuenger Numm net eng méi originell, typesch lëtzebuergesch Ausstrahlung no bausse bruecht, déi och eisem nationale Sport ze gutt komm wier?
4. Hätt een net kënnen den Numm zwee oder dräisproocheg maachen? Wier et nach méiglech dem Stadion zousätzlech och déi lëtzebuergesch Versioun vum Numm ze ginn: Stadion vu Lëtzebuerg?
5. Ass de Minister net der Meenung dass en lëtzebuergesch Numm kengem wéideet, an datt an Zukunft änlech Projeten e Lëtzebuenger Numm kréichen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

